

Eist Spill: Wou? Wat?

An eiser KLACK 117 hate mir e Bild vun der "Klenscheplack" un der Paart hannert dem Palais 'um Rouscht'... iwregens eng wonnerschëin Aarbecht vum Adolphe Deville, dem Kënschtler vum RODANGE-REENER-Wee zu Wolz!

3 Frënn haten et matzäit richtig geroden an erageschëckt: Edy Lux (Monnerech); J.-P. Jans (lechternach); Léon Olinger (Stad)... hir 'bonne note' kënnst no.

Wou a wat ass dann dat hei? ...schëckt äis är Äntwert e Méindeg (6. Mäerz) tëscht 9.00 an 13.00 Auer. Merci!



(Photo M.V.)

Kamm a Schwamm?

Wa mir äis do gengen am 'Pluriel' konsequent bleiwen, da misst et jo Kamm / Schwamm heeschen... dat fällt ower kengem an, deen "normaalt" Lëtzebuergesch schwätzt: do ass et nämlech **Kämp / Schwämp!** A firwat? Mä well déi Saachen eenzel **Kamp / Schwamp** heeschen. Dir fannt dat vläicht eng Méckepéilerei. Dat ass ärt gutt Recht. Mä wann et esou eng Klenggeheet ass, da muss et jo liicht sinn, dat éierbar ze maachen.

"Eises" 100-90-70%...

Mengt net, mir hätten déi Lëscht mat Dausende vun ganz oder zimlech typeschen Ausdréck an eiser Sprooch an de "Fatzekuerf" gestach. Da wieren eist Gelammels an ower och de Spaass vum Guy Diderich, dem Baba Tissen an dem Jos Molitor jo fir déi bekannt Miissi gewiescht!

Am Comité (firwat dann elo plazeweis de 'Virstand' / 'Komitee')! hu mir äis iwwerluegt, **dës Collectioun als Buch** erauszeginn. Et gëtt zwar nach e Quascht Aarbecht, ower deer maache mir jo lo ewell zënter 35 Joer fir eis Sprooch. D'Buch ass natierlech d'éischt als Cadeau 2006 fir eis trei Membren... a firwat net och als eng Zort Trainingsbuch fir d'Schoul oder doheem. Mir stellen äis d'Ausdréck a Kolonne vir, wou een hannendrun dat däitscht an dat franséisch Wuert soll/muss sichen. Beispill: BLATZ...GRÜTZE...GRUMEAU. Hätt dir et gewosst? Neen? Mä da kann dat jo nach eng schéi Roderei uechter d'Leit ginn! Just dorop si mir aus... fir eis Sprooch an de Gespréicher ze halen. ■ P.W.

Coquilles St-Jacques

Franséisch 'Dingwörter / substantifs' kréien an der Méizuel/Pluriel en **-SI-X**. Wann se déi oder en **Z** schonn am 'singulier' hunn (*bois, croix, nez*), da bleift dat esou stoen. Am Lëtzebuergesch fällt dat speziell franséisch Méizuel-Zechen ewech, a mir maachen eis 'Endung' **EN** dobäi, wa mir et wëlle méi däitlech maachen, dann esouguer **-ËN** (Trottoiren, Bonboën, Donën...).

Wat maache mir ower mam Pluriel vun zesummesagte franséischen Ausdréck wéi *perles de balle, listes de bénéfices, fondé de pouvoirs, Pommes dauphines, bons de caisse* asw.? Déi loosse mir stoen... also op kee Fall **perle de ballen, fondé de pouvoiren, bons de caissen, pommes dauphinen** asw.

(Mir soen dem Här Professor Léon Doemer merci fir seng gutt Iddi, a wäerten hei och geschwënn op déi formidabel Aarbecht ze schwätze kommen, déi eis dräi eminent Germanisten Doemer, Hurt a Groben mat hirem «Sprachbuch und Arbeitsheft (3 Bänn) / 7e, 6e, 5e») fir korrekt Däitsch gemaach hunn...et ass wierklech dowäert, well et fir uerdentlech Däitsch den Nol genee esou op de Kapp geréit wéi een et fir d'Lëtzebuergesch vun deer anerer Säit erbäi kënnst / misst maachen! ■ H.M.

FUESEND A KEEN ENN

Huet d'neit Joer en etlech Wochen, kënnst eng jauseg geckeg Zäit, wou den Eefalt an den Zodi bei de meeschten uewe läit. Op all Nascht sinn d'Woch zwéi Balen. Jidfer Clibbche féllt seng Caisse. 't heescht lo d'An am Grapp ze halen, 't ass egal wouhin s de gees.

Leit, déi soss de Mond net opma', kennt een d'Fuesend net méi rëm; hannert enger Bokemäilche gi si mat duerch déck an dënn; aanrer hunn sech sou vermoschert, 't hieft der bal, wann s d'ee gesäis; eng drétt Zort, déi profitieert; muench dommt Betschel geet op d'Äis.

Äschemëttwoch ass et 'riwer; "offiziell ass d'Fuesend aus, mä si lafe bis bei d'Ouschtre bokeg a verkoschert 'raus. D'Fester fei're wéi se fallen, ass jo net méi an der Moud. Wa mir sou eis Fuesend halen, Ass déi och geschwë mausdout! ■ L.R.

winnen an zillen

Probéiert emol fir op däitsch ze iwwersetzen: *deen ass net gewinnt an net gezillt*. Gelldir, dat ass net esou einfach; a firwat? Mä well et klénkt, wéi wann et Däitsch wier, ower et ass typesch «eises». E puer Dose Kilometer an Däitschland era versteet kee Mënsch, wat dir domat mengt!

Den Ausdréck "zillen" huet am Däitsche mat *ziehen / erziehen / aufziehen / züchten* ze dinn, an do gëtt dacks onnéidegerweis dolaanscht geha! Kanner *zillen* ass op däitsch klor *erziehen*, wat mir am Franséischen als *éduquer* kennen. Den Ausdréck *zillen*, dee bezitt sech ower bei äis z.B. och op d'Produktioun vu Planzen an – d'meescht klengen – Déieren: mir zille Gromperen, Kanéngercher, Beem. Mä geet et ëm Kanner, dann heescht *zillen* vrun allem "winnen"...ower esou eppes wéi "wöhnen", dat sicht dir am Däitschen ëmsoss.

Wann een sech dat esou "am Lassenen /onsystematesch" duerch de Kapp goe léisst, kann et engem bal dronkeg gin. Et wier ower net schlecht, wann dësen Exercice méi dacks, méi déif a vu méi Leit gemaach giff ginn. Fir eis Sprooch sinn all déi Hellewull butzeg Eenzelheete wéi d'Speis tëscht den Zillen; piddelt een déi eraus, da fällt d'Mauer an e Koup! ■ P.W.


Eppur si muove! vum Lex Roth

Watderdäiwel mécht dat Italiénesch dann hei an der KLACK? Et geet net ëm d'Sprooch vum **Galilei Galileo**, mä ëm ee vun de bekanntste Sätz aus dem Zitate-Tabernakel vun der Welt. Iwregens ass dee Saz dem Galileo eréischt vill méi spéit no sengem Doud ugedicht ginn, mä hien ass an alle Sproochen iwwersat ze fannen. Op Lëtzebuergesch: **"an si bewegt / dréint sech nawell!"** Wien? D'Welt!

Et gong deemools, einfach gesot, drëm, ob eise Planéit den Nuebel vum Sonnesystem wier, oder sech grad ewéi seng aner Planéite ronderëm dee Stär gif dréinen, deen d'Äerdklatz an alles drop lieweg hält. Am XVI. Joerhonnert hat de Copernicus dat ewell proklaméiert; de Galileo huet et am XVII e.a. physikalesch a mathematesch ënnermauert, guff dofir als Ketzer veruertelt, am XX. Joerhonnert "fräigesprach"...an huet de Patronage vun deem neien europäeschen Orientierungssystem absolutt verdéngt, mat deem mir an e puer Joer aplaz mam GPS Strooss, Wee a Pad siche kënnen.

Wat huet eis Sprooch domat ze dinn? Mat der Saach selwer näischt. Ower de Laf vun der Unerkennung vum Lëtzebuergesch erënnert een iergendwéi drun. 1896 huet den C.M. Spoo bal musse biedelen, fir seng éischt Chamberried an der Mammesprooch halen ze däerfen, 50 Joer nodeems Veianer Deputéierten André zu Ettelbréck deen alleréischte Saz Lëtzebuergesch am "evakuéierte Parlament" komme gelooss hat. De Spoo krut da méi spéit geäntwert, an der Chamber gif dach net an der **Sprooch vun de Meed a Kniecht** debattéiert ginn, wéi hie wollt iwwer dee Prinzip ofstëmme loosse. 1912 ass d'Lëtzebuergesch dann an d'Primärschoulgesetz komm...ower esou, datt et just als **Alibi um Kazendësch** huet misse gëmmen...et gëtt een der Iddi net lass, datt "d'Notabilitäten" sech deemools vrun deem **neie soziale Wand** e bësse Sputt verschafe wollten. Den 1. Weltkrich ass komm, a ganz aner grouss a kleng Suerge wéi Sprooch-Reiwereien. Just de Lucien Koenig (Siggy), den Demy Schlechter, den Nicolas Ries, de Batty Weber, den Nik. Welter, de René Engelmann asw.asw. hu mat der "Nationalunio'n" de 'Fuendel héichgehalen'. Et gong ouni Zweiwel ëm d'Existenz vun eise Land...wat der haut e sëllechen emol éierbar missten noliesen, déi sech et mat Begrëffer wéi "Nationalist / Rietsextremist" e bëssen ze einfach maachen. Firwat am Fong net "Patriot" an d'Plaz; do huet jo knapps een eppes dogéint, oder?...mä hei misst ee sech mat deene richteg Leit op deer richteger Plaz ënnerhalen.

Den 10. Oktober 1941, wéi Lëtzebuerg den Nazi-Strack ëm den Hals hat, hunn d'Lëtzebuerg nëmme zevill däitlech verstan, datt **eis Sprooch eng aner Fonktioun hat/huet ewéi e sougenannten "Dialekt"**. "3mol Lëtzebuergesch" war d'Parol...mir feieren deen Erënnungsdag nach haut als "Journée de la commémoration nationale"! Leider ass eis Sprooch 1947 net "expressis verbis" an eis Constitutioun gesat ginn, nëmme den "emploi des langues". 1984 hu mir et du fäerdegbruecht, datt eis Chamber d'Lëtzebuergesch an engem eegene Gesetz zugudderlescht als Nationalsprooch uerkannt huet. "Mir"? Jo, well et war d'Actioun-Lëtzebuergesch, déi sech net ginn huet, bis et esou wäit war! Haut sinn d'Saach an de Verdéngscht voll uerkannt. **Mir sinn et och, déi zënter 10 Joer mat Dosenden Artikelen, Emissiounen, Bréiwen, Petitiounen a Gespréicher mat eise politesche Parteien hannert der "Constitiouns-Iddi" fir eis Sprooch bliwwen sinn a bleiwen.** D'Reaktiounen vun eise patrioteschen Organisatiounen ware begeeschtert an déi vun alle Parteien absolutt positiv...an elo mécht sech eppes an der Chamber: D'Saach ass um Wibbelen! Eise grouse Merci un all Parteien an hire Leit hir Aarbecht an der Spezialcommissioun...EPPUR SI MUOVE!



Deutsch-luxemburgisches Wörterbuch

Das unentbehrliche Nachschlagewerk mit 35.000 Stichwörtern und Wendungen.

- von Experten ausgearbeitet
- neuester Stand der deutschen und luxemburgischen Rechtschreibung
- am heutigen Sprachgebrauch orientiert
- Berücksichtigung der Fachsprache (Informatik usw.)
- Angaben zur Aussprache und zur Phonetik des Luxemburgischen

Für jeden, der sich beruflich oder privat mit der luxemburgischen und der deutschen Sprache befasst, stellt dieses aktuelle Wörterbuch der éditions saint-paul ein zuverlässiges Nachschlagewerk und einen praktischen Ratgeber dar.

39,50 €

Im Buchhandel oder portofreie Lieferung bei Überweisung auf das BCEE-Konto saint-paul luxembourg LU61 0019 1300 6666 4000 (bitte Titel angeben).